# Pilotprojetën an der Schoul – Méiglechkeeten a Grenzen

*D'Leit musse schmunzelen, wann een hinne seet, dass een mat enger "Pilotklass" schafft. "Wou flitt der dann hin" heescht et meeschtens. Effektiv denke mir beim Wuert Pilot un e Fligerpilot. Dat Wuert Pilot kënnt aus dem Italieneschen an heescht eng Persoun, déi e Gefir steiert. Als Adjektiv oder mat engem anere Wuert zesummen heescht et: deen de Wee opmëcht, deen de Wee weist, deen e Virbild as. Eng Pilotklass wär an deem Sënn eng Klass, wou nei pädagogesch Methoden ausprobéiert gin, déi vu Notzen fir vill anerer kéinte sin.*



Eigentlech misst eise Schoulsystem sech jo permanent verbesseren duurch all déi vill (Pilot)-Projetën, déi et gin. Firwat dat awer fir mech net esou as, dat war den Ausgangspunkt fir desen Artikel. Et siew nach bemiirkt, dass net all Projet als Pilotprojet definéiert get an et gin och effektiv ganz vill interessant Initiativen, wou Proffen a Schüler zesumme schaffen an eppes Flottes realiséieren. Et gi virun allem zënter 1990 d'"projets d'établissement", déi enger Schoul e gewëssene Fräiraum zougestin, wou pädagagogesch Demarchen dem Gebai sollen verhëllefen, sech a bestëmmte Beräicher ze erneieren oder ze verbesseren.

Et as einfach e Genoss, wann een durch d'Broschüre bliedert oder e virtuellen Tour ronderëm d'Gebaier mëcht fir ze gesin, wat sech hei alles deet. Hei get un der Zukunft vun der Schoul gebaut, wat déi elektronesch Medien ugeet, et get eppes fir d'Emwelt gemaach, andeems d'Natur beobacht get a Solaranlagen opgeriicht gin, et get sech agesat, dass jiddereen sech wuelfillt, et get ënner Schoulen zesummegeschafft an et get europawäit zesummegeschafft, et get eppes fir d'Verstännegung ënnertenee gemaach a sech géint Gewalt a Rassismus agesat an souguer mat der néideger Selbstkritik, andeems Schoulen sech selwer evaluéieren.

Hei besteet eng Dynamik, dass een sech nëmme ka wonneren, wann do ee behaapt, eise Schoulsystem wär faillite. Leider feelt et hei un der Plaz fir ausféierlech op all des Projekter anzegoen oder se virzestellen. E puer Themen vun de leschte Joren a Lycéen sollen e klengen Abléck an d'Méiglechkeete gin:

AL: L'action pédagogique par les moyens de communication d'aujourd'hui

LMRL: L'épanouissement scolaire des bons élèves

LGL: Lutte contre les préjugés et la violence à l'école

LCD: Intégration et participation des élèves à une école ouverte

LTC, LGE: Auto-évaluation de l'établissement scolaire

LTMA: (M) à l'aise à l'école

LTNBD: Nouvelles structures de l'information offertes par Internet

LTETT: Phenix: réalisation d'une communauté scolaire centrée sur les besoins de l'élève

LTAM: Introduction de l'écologie dans les formations offertes au lycée

LCD, LTETT, LTHAH, LTA: Idéfix, collaboration entres les quatres écoles

Et siew op deser Plaz just ugedeit, dass et an der Primärschoul déi sougenannte „projets d'école" gin. An engem "Courrier de l'Education Nationale", Spezialnummer vum Februar 2000, heescht et: „voici quelques axes que vous pourriez suivre:

- intégrer tous les enfants
- garantir une meilleure continuité entre les différents degrés et ordres d'enseignement
- différencier les apprentissages
- repenser l'apprentissage
- repenser l'évaluation
- intégrer les technologies de l'information et de la communication afin d'aider l'enfant à devenir plus autonome
- mieux informer et impliquer les parents".

Wann ee méi genau kuckt, mierkt ee schon un de Formulatioune bei den Objektiver vun de Projekter, dass d'Problemer kloer sin, an op déi richteg Ziler soll lass geschafft gin. Eigentlech weist d'Förderung vun offizieller Säit vun dese Bestriewungen drop hin, dass et erkannt as, dass de Schoulsystem iwwerduet an der Zäit ugepasst muss gin. Et get och zumindest den Uschäin, wéi wann eis Schoul a Bewegung wär. Op der anerer Säit schéngt eise Schoulsystem awer wäit hannert de pädagogeschen Erkenntnisser a gesellschaftlechen Ufuerderungen zréck ze stoen. Ech kommen iergendwéi net derlaanscht, hei e gewësse Paradox festzestellen.

E Pilotprojet, wéi uewen definéiert, soll jo e Projet sin, deen en Zeeche setzt a Wéer opmëcht. Dat eenzegt Positivt, wat ech dora ka gesin, dat as, dass déi Leit, déi sech intensiv dermat beschäftegt hun, eppes dervun droen, a vläit an hiren Iddéen e Stéck weider komm sin. Vläit get et och e schläichende Prozess am ganze System zum Besseren. Wat ech awer vermëssen, dat as d'Afléissen vun allen Erfahrungen an Iddéen an e globalt Konzept oder zumindest d'Ausbreedung a ville Schoulen. Wat ech mengen, as dat hei:

- D'Ökologie, wéi bei der Solarenergie thematiséiert, soll net bei engem Projet stoe bleiwen, mä gehéiert an all Schoulen eran an net nëmmen als Randphänomen, mä soll d'Léieren an enger bedrohter Welt prägen;
- Friddenserzéiung mat Konfliktléisungsmodeller gehéiert zu der Philosophie vun all Schoul;
- Mam Computer schaffen gehéiert an all Klassen eran;
- Zesummeschaffe misst zur Selbstverständlechkeet gin, sou wéi de Schüler, deen am Mëttelpunkt steet;
- Sech a Fro stellen a flexibel sin misst einfach derzou gehéieren.

Leider vermuten ech vill Ängschten op offizieller Säit, dass de Schoulsystem sech ze vill kéint veränneren, wann ee neien Ideen méi e groussen Afloss géif erméiglechen an esou eng iwwergräifend Kontroll kéint verluer goen. Dovir get um nationale Plang un de grousse Strukturen net all ze vill ënnerholl, ausser Gepléischters.

An dovir hu fir mech Pilotprojetën an der Schoul de battere Nogeschmaach vun enger Alibi-Funktioun. Eng eenzel Schoul a virun allem de Ministär ka soen, wat si net alles maachen fir de Schoulbetrib méi attraktiv ze gestalten. Dobäi bleiwt awer am Prinzip zum groussen Deel alles beim Alen, wat den alldeegleche Schoulbetrib betrëfft. Vill

ALINEA
LIBRAIRIE

Librairie Alinéa – 5, rue Beaumont – L-1219 Luxembourg – Tél : 22 67 87 – Fax : 22 67 88
Ouvert du lundi au vendredi de 9 h à 18 h 30, le samedi de 9 h à 18 h

Initiative lafen zu engem groussen Deel och ausserhalb vun der Schoul, an der Fräizäit, an op fräiwëlleger Basis, ebe grad well de schoulesche Kader einfach net d'Méiglechkeet an d'Zäit bidd fir se ze integréieren.

Trotz de villen Initiative fir de Schoulalldag méi agreabel ze gestalten, wann dat dann erwënscht soll sin, gin et nach ëmmer ze vill Kanner, déi d'Schoul als Frust a langweileg erliewen, Proffen, déi ënnert dem Burn-out-Syndrom leiden a sech net zurecht fannen an engem System, dee net méi adaptéiert as un d'Kanner an d'Gesellschaft vun haut. Nach ëmmer regelen d'Prüfungen an d'Selektioun de Schoulalldag. Nach ëmmer gehéieren de Frontalunterrecht an de 50-Minuten-Takt zu den haapt Strukturen vun engem veraalten Schoulsystem. En anert Beispill: ganz vill Projetën befaassen sech déi läscht Zäit mat dem Phänomen Gewalt, déi strukturell Gewalt vun der Schoul mat hiren Strofen, Datzen an Diskriminéierung, leeft awer ganz gemiddlech weider, wéi wann hei eng Art "heimlicher Lehrplan" op eng mysteriös Manéier géif matwiirken, wou elo hei net d'Plaz as fir weider drop anzegoen.

Eng weider Iwwerleeung, firwat ech de Pilotprojetën skeptesch géintiwwer stin, as déi hei: eng Reih vun engagéierte Proffen, déi och Strukturen a Fro stellen, kënnen der Täuschung ënnerleien, duurch des Pilotprojetën agebonnen ze sin an e Prozess, wou d'Schoul sech den Erausfuerderungen stellt. Déi agesaten Energie féiert awer net ëmmer zu den erhoffte Resultater aus Grënn, op déi ech an deem Folgende wëll agoen.

**Aus desen Iwwerleeungen get et fir mech dovir just nach een eenzege Pilotprojet, dee Sënn kéint maachen: dat as d'Realiséierung vun enger Modellschoul, an engem neie Gebai, mat enger eenheetlecher „Philosophie", déi op pädagogeschen an humanen Iwwerleeungen baséiert, vum Portier bis zum Direkter, a wou Proffen, Elteren a Schüler, déi do matmaachen, och voll derhannert stin.**

Vill Projetën si scho bei der Ëmsetzung blockéiert, well net genug Leit matmaachen oder well déi engagéiert Leit sech net glécklech uleen. Vill Schüler a Proffen vum Gebei sin um praktesche Plang net wiirklech impliziéiert, och wann dat eng Ziilsetzung as. An et fehlt un der Energie, de Leit an der Koordinatioun fir eng gudd Initiativ op méi Klassen ze iwwerdroen a weider ze entwéckelen. An iergendeng Kéier riskéiert dat Ganzt souguer am Sand ze verlafen, aus de selwechten Ursaachen oder wann aner Prioritéite gesat gin.



Nach ëmmer hängt et ze vill um eenzelnen Direkter oder un e puer Proffen, ob iwerhaapt eppes ëmgesat get, wann dann de Ministär de néidege Spillraum zougesot sollt hun. Ech gesi leider ze vill Proffen, déi sech am System bewosst oder onbewosst ageriicht hun oder mam System offond hun. Et as de Problem vun engem Staatsbeamtentum, wou ee liicht an d'Versuchung ka kommen, op déi nächst Vakanz (oder op d'Pensioun) ze waarden, an tëschenduerch de Programm duerchzezéien an eng "courbe de Gauss" bei de Punkten ëmzesetzen, déi sëcher net op pädagogesche Kritäre berout. Mat esou enger Mentalitéit kann ee net déi grouss Reform duerchzéien.

Aus desen Iwwerleeungen, déi och zum Deel op perséinlechen Erfahrunge baséieren, get et fir mech dovir just nach een eenzege Pilotprojet, dee Sënn kéint maachen: dat as d'Realiséierung vun enger Modellschoul, an engem neie Gebai, mat enger eenheetlecher „Philosophie", déi op pädagogeschen an humanen Iwwerleeungen baséiert, vum Portier bis zum Direkter, a wou Proffen, Elteren a Schüler, déi do matmaachen, och voll derhannert stin. Wou d'Erfahrunge vu ville Pilotprojetën kënne verwäert gin an e globalt Konzept kann ëmgesat gin. Dest als eng méiglech Alternativ am Kader vun der Autonomie an enger pluralistescher Gesellschaft. Dass hei nei Strukture musse geschaf gin, fir esou e Projet ze realiséieren, dat as mer bewosst, mä ech well hei net weider dorop agoen.

De Projet „Lycopa" as fir mech esou eng Initiativ, wou an d'Richtung vun engem ganzheetleche Modell geduet get a wou et just um politesche Wëllen hängt fir esou enger Initiativ eng Chance ze gin. Oder fanne mer déi Iddeen demnächst a ville klenge Pilotprojetën erëm ❦

**Bert Hoscheit**

*Matbegrënner vun der Aktioun Human Schoul zu Lëtzebuerg, Prof am fräewëllege Sabbatjoer, Member vum Projet Lycopa, Responsabel vun der Redaktioun fir Schoulthemen beim Radio ARA.*